

Streikgedenkdag Wolz 2020

31.08.1942

Guy Dockendorf
Präsident vum Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale
guy.dockendorf@culture.lu

Léif Zäitzeien a Victimen vum 2. Weltkrich,
Dir Dammen an Dir Hären,
Léiw Frënn,

(1) Mir commemoréieren haut den 78. Anniversaire vum Generalstreik vum 31. August 1942. Esou Commemorationen wéi déi vun haut, sinn d'Geleeënheet, datt mir, déi nom Krich gebuer sinn, also di 2., 3. a 4. Generatioun, den Effort maachen fir eis an di Zäit vum Krich ze versetzen.

Nodeems d'Naziën den 10. Mee 1940 Frankräich, Lëtzebuerg, Holland an d'Belsch iwwerfall a besat haten, hunn se alles dru gesat fir mat alle méiglechen propagandisteschen an terroristesche Moyenen d'Lëtzebuerger gefügeg ze maachen fir se *heim ins Reich* ze forcéieren.

Wann ee seng Aarbéchtsplaz net wollt verléieren oder wann ee wollt weider studéiere goen, war ee quasi forcéiert sech an hir Eenheetsorganisatioun, der VdB ze mellen. All sougenannt däitschfeindlech Veräiner gouwwe verbueden an hir Suen agezunn.

Ganz fréi schons, nodeem de Gustav Simon den 2. August 1940 zum *Chef der Zivilverwaltung* genannt gi war, hu sech de 15. August 1940 eng 40 Cheffe vun de Lëtzebuerger Scouten am Wëllefcherssall ënner der Esch-Grenzer Kiirch heemlech getraff an do eng vun den éischten Resistenzorganisatioune gegrënnt. Interessant ass och dat hei: D'Resistenzler si jonk: 1940 huet d'Hallschent vun hinnen manner wéi 26 Joer, 5% hunn esouguer manner wéi 16 Joer.

Lues a lues sinn uechtert d'ganzt Land geheim Resistenz-organisatiounen entstan, déi oft - et pour cause! - näischt vun deenen anere woussten. Och wann si politesch ganz verschidden ausgericht waren, sou ware si sech all eens an hirem Zil: Lëtzebuerg ze befreien an him seng Onoofhängegkeet erëmzeginn. Sech an der Resistenz engagéieren, dat huet geheescht bewosst en totalitäre Regime ze bekämpfen, dee kee Matleed fir seng Géigner kannt huet. Dat huet **Zivilcourage** verlaangt a war doutgeféierlech fir ee selwer an seng Famill: wie sech engagéiert huet, gouf verfollegt a huet bestänneg fäerte musse verroden ze ginn an um Enn an e Konzentrationslager deportéiert ze ginn.

(2) D'Resistenz huet et fäerdeg bruecht d'Volkszielung, déi d'Naziën fir den 10. Oktober 1941 organiséiert haten, zu engem kloren Referendum fir d'Onoofhängegkeet vu Lëtzebuerg ze maachen. Dat war eng eendeiteg Blamage fir de Gauleiter, deen dunn d'Volkszielung annulléiert huet. Als Revanche huet en eng 200 Resistenzler festhuele geloos, vun deenen der 2 am Februar 1942 geköpft goufen.

- Hei zu Wolz, an op villen anere Plazen am Land, hate Leit de **Courage** di grève générale auszeruffen, resp. anzehalen, e puer Stonnen, nodeems de Gauleiter den 30. August d'Zwangsrekrutéierung vun de Lëtzebuerger Jongen ausgeruff hat. De Generalstreik, dee säin Ufank zu Wolz geholl huet, huet sech rapid op vill Uertschaften am ganze Land verbreet.

De Generalstreik war eng Villzuel vun Aktiounen am ganze Land:

- *Aarbéchter déi d'Aarbécht niddergeluecht hunn,*
- *Bauern déi hir Produitsën zrëckgehalen hunn,*
- *Beamten a villen Administratiounen, déi stonnelaang "Paus" gemeet hun oder net op d'Aarbecht gaang sinn,*
- *Léierpersonal, déi hir Schüler heemgeschéckt hunn,*
- *Studentinnen a Studenten, déi gestreikt hunn: den Artikel dës Woch vum Prof. Claude Wey am Land beschreiw op 2 Säiten de Streik vun de Walefer Médercher aus der Lehrerinnenbildungsanstalt zu Walfer*
- *jiddereen, deen wollt seng Oppositoun géint d'Nazien an aller Öffentlechkeet weisen, huet e Wee a Mëttelen fonnt fir sech vum Okkupant ze demarkéieren)*

- D'Nazien hunn direkt verstan, datt et hei nët em e puer eenzel Onzefriddener géiw goen, mä em **eng kloer Oofleening vun hirem Regime**. Hir Reaktioun war brutal: den Ausnahmestandard gouf ausgeruff. De Cortège vun de Streikenden zu Wolz gouf brutal opgeléist, di däitsch Polizei ass op den Industriesiten intervenéiert, Dausende gouwwe verhaft a gefoltert, Honnerte sinn an de Konzentrationslager ëmkommen. Ganz Famillje gouwwen ëmgesiidel, di meescht no Schlesien (am heitege Polen).

- An de groussen Haaptstied an der ganzer Welt, bis an Nord- a Südamerika, gouww mat Erstaunen a mat Respekt Kenntnis geholl vun der Reaktioun vun deem klengen Lëtzebuerger Vollek, dat sech mam Mut vum der Verzweiflung géint d'Nazie gewiert huet.

- D'Grève hat eng Rei Konsequenzen fir d'Lëtzebuerger: wann am Elsass d'Joergäng 1908 bis 1927 vun der Zwangsrekrutéierung concernéiert waren, da waren et zu Lëtzebuerg "nëmmen" d'Joergäng 1920-27. En anere positiven Effet vum Generalstreik war datt ëmmer méi Leit Vertrauen an d'Resistenz kritt hunn: ëm 2.000 Jongen, déi refuséiert haten fir an d'Wehrmacht ze goen, sinn zu Lëtzebuerg mat Hëllef vun hirem Famill an der Resistenz verstoppt ginn. Grad gëscher, gouf an den alen Ausstellungshalen *Victor Hugo* um Lampertsbiereg vun der Federatioun vun den Zwangsrekrutéierten eng Plakette als Erinnerung un di Jongen déi als Refraktären oder Deserteuren sech dem Nazi Diktat entzunn hunn ageweit.

(3) Komme mer op haut: Mir sinn hei an der **Ville Martyr vu Wolz** bei Geleeënheet vum *Streikgedenktag 2020* a mer stelle fest: de Rietsextremismus an den Negationismus ënnerwandert och nach haut a ville Länner di demokratesch Institutiounen an ass vill méi geféierlech a präsent wéi mer mengen.

E ganz rezente Beispill vu virun e puer Deeg: viru 76 Joer, den 10. Juni 1944 hat d'SS Divisioun *Das Reich* zu **Oradour-sur-Glane** a Frankräich 642 Männer, Fraen a Kanner ëmbruecht. Si hu virdéischt d'Männer erschoss an duerno d'Fraen an d'Kanner an der Kierch agespaart an déi dunn a Brand gestach.

De Centre de mémoire vum *Village Martyr* vun *Oradour-sur-Glane* gouw den 22. August 2020 verschampeléiert vun onsägleche Schmierereien, wou *martyr* durch *menteur* ersat gouw. Dat do an aner Attacken op esou Plazen, déi e lieu de recueillement et de mémoire sinn, wéi zu Christchurch an Neiseeland, Halle an Hanau an Däitschland oder di rezent Attack op d'Synagog zu Graz an Éisterräich sinn am gaang zouzuehelen.

Ech sinn iwwerzeegt: esou Gedenkzeremonie wéi déi vun haut hunn nëmmen dann e Wäert, wa mer doraus di praktesch Konsequenzen zéien fir eisen Alldag. An dofir musse mer, jiddereen op senger Plaz *Zivilcourage* hunn a fir déi Wäerter, fir déi eis Leit am 2. Krich gestuerwe sinn, astoen.

(4) Wat musse mir, jiddereen op senger Plaz, maachen?

Mir mussen derfir suergen, datt di historiesch Wourecht nët mat Féiss getrëppelt gëtt. De *Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale* huet sech virgeholl fir och Themen, déi vläicht an eiser mémoire collective verschwonne waren, wéi Collaboratioun, Antisemitismus, fräiwëlleg Partizipatioun vun ca 1.500 Lëtzebuerger an der Wehrmacht unzesprieche. Allerdéngs wiere mer eis géint Bestriewungen, déi d'Crimen vun enger Minoritéit vu Lëtzebuerger als Virwand huelen fir d'Meriten vun de ville Lëtzebuerger a Fro ze stellen.

Beweise mir och haut deen Zivilcourage dee vill Lëtzebuerger, Fraen a Männer, am 2. Kirch bewisen hunn? Kee vun eis ka wëssen wéi hien selwer virun 80 Joer reagiert hätt! Wéi hätt mir reagiert, wéi hätt ech reagiert, wann et drëm gaange wär iwwer Liewen an Dout ze decidéieren? Wéi hätt ech reagiert wann ech verhaft, gefoltert, deportéiert an a KZer oder Vernichtungslager bruecht gi wär? Well mer der Nazi-Ideologie net entsprach hunn, well mer politesch Opposants waren oder Judden, oder Roma a Sinti, oder Homosexueller, oder Jehovazeugen, oder sougenannt *Asozialer*? Oder wa mer géint eise Wëllen an d'Wehrmacht forcéiert gi wäeren? Hätt ech wéi vill ze vill *d'Fauscht an der Täsch gemaach* oder souguer offen oder heemlech mat den Naziën zesummegeschafft?

- Wéi reagiere mir haut wa mer, am Bistrot, an der Schoul oder op der Aarbéchtsplaz, confrontéiert gi mat blöde Witzen, déi rassistes, friemefeindlech oder antisemitisch gefierwt sinn?
- Hu mer de Courage fir op de *social media* Stellung ze huelen wa Feindbilder opgebaut ginn - *ëmmer di Ausländer!*, oder *se sinn all korrump!* bis zu alle méiglechen *Verschwörungstheorien* ?
- Huele mer eis d'Zäit fir Noriichten op hir Wourecht oofzeklappen? Si mer bereet kontradiktoresch ze diskutéieren ouni deen aneren *fäerdeg* ze *maachen*?
- Watfer Argumenter hu mer fir an enger Diskussioun Leit ze entweren, déi di elementar Mënscherechter a Fro stellen?

D'UNO Déclaratioun vun de Mënscherechter vun 1948 seet, datt all Mënsch fräi a gläich un Dignitéit an u Rechter gebuer gëtt: wéi kann een do net Parallelen zéien tëscht deene Milliounen vun *Displaced Persons* an Ost- a Westeuropa nom Enn vum 2. Weltkrich an de Flüchtlingen vun haut, déi op der Sich no Sécherheet sinn, a vun de Rietsextreme verdäiwelt ginn.

Passe mer op wat fir eng Sprooch, watfir Wieder mer gebrauchen an eisem Schwätzen, Schreiwen an an de *social media* ? Et ass net egal *wat* a *wéi* mer eppes soen! Rietsextrem Schlagwieder ënnergruewen d'Wourecht an d'Mënscherechter. Rietsextrem Desinformatioun schaaft fundamentalt Mësstrauen vis-à-vis vun deem Aneren: sie ass de Nährbuedem vun allen Extremisten a si schaaft e Klima vun Onsécherheet a vu Mësstrauen!

(5) Zanter dem Ausbroch vun der Coronavirus Pandémie hu mer eng erschreckend Feststellung gemaach: mir hu gemierkt *wéi zerbrechlech*, *wéi fragil* mer all sinn, ob jonk oder al.

Mir hu geléiert, datt mer müssen op sozial Distanz goen, nët nëmmen fir eis selwer ze schützen mee och di aner! Awer di nei *Fragilitéit*, dat neit *Elengsinn* huet eis och bäibruecht, datt mer **eng nei Form vu Solidaritéit** müssen entwéckelen, fir *solidaire* an net *solitaire* ze ginn, sou *wéi* den Albert Camus et schons a sengem Roman vun 1947 *La Peste* seet. Mat allen Onsécherheeten mat deene mer och elo nach confrontéiert sinn, solle mer awer och all deene ville Leit am Land, déi grad dëst Joër Solidaritéit bewisen hunn, e grouse Merci soen. Dat mécht Courage, dat léisst hoffen!

(6) Esou Gedenkfeieren *wéi* déi vun haut si wichteg Momenter well mer do nees d'Stëmm héieren vun deenen, déi net méi do sinn. Mir lauschtere mat Respekt op déi Lektouren, déi si eis mat op de Wee ginn hunn, an déi haut näischt vun hirer Aktualitéit verluer hunn.

Ech halen op mat engem kuurzen Zitat vum *Mauthausenschwur*, deen de 16. Mee 1945, am KZ Mauthausen um Appellplatz vu befreite Prisonnéier - an 12 verschiddene Sproochen - virgedroe gouf:

La paix et la liberté sont la garantie du bonheur des peuples et l'édification du monde sur de nouvelles bases de justice sociale et nationale est le seul chemin pour la collaboration pacifique des Etats et des peuples.

Nous voulons, après avoir obtenu notre liberté et celle de notre nation, garder le souvenir de la solidarité internationale du camp et en tirer la leçon suivante :

Nous suivrons un chemin commun, le chemin de la compréhension réciproque, le chemin de la collaboration à la grande œuvre de l'édification d'un monde nouveau, libre et juste pour tous.

Merci fir d'Nolauschteren!